N°2111
Entrée le 19.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Iwwert 5.000 Persoune schaffe bei den CFL mam Zil, fir Lëtzebuerg um Rullen ze halen. An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°949 hat d'Ministesch méi detailléiert Donnéeën iwwert d'Personalsituatioun bei den CFL geliwwert. Wärend d'Gesamtbeleegschaft ëm 8% (ronn 400 Leit) gewuess ass, fält d'Kategorie "*Hors Statut CFL*" op, wou a véier Jore ronn 66% Wuesstum ze gesinn ass (vun 127 op 211 Persounen).

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Hors-cadres sinn aktuell bei den CFL agestallt?
2. Wéi eng Aarbechtskonditiounen applizéieren sech op dës Personalkategorie?
3. Wéi ass den iwwerproportionale Wuesstum vun 66% op véier Joer z'erklären?
4. Kann d'Ministesch déi gesamt Remuneratiounskäschten fir déi verschidde Karriäre bei den CFL oplëschten, dëst fir d'Joren 2020 an 2024?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten